



Stroossen, de 26. November 2019

Léif Damm, léiwen Här,

villmoos Merci fir Ären Interessi un der Lëtzebuurger Sprooch an un der Orthografie.

Am November 2019 goufen eenzel Reegele vun der Lëtzebuurger Orthografie ugepasst a si vum Zenter fir d'Lëtzebuurger Sprooch (zls.lu) publizéiert ginn. Déi „al“ Reegele sinn nach parallel bis September 2020 a Kraaft, duerno gëllt just nach deen neien Text. Dir fannt déi completéiert Reegelen an den Text als PDF op [orthografie.zls.lu](http://orthografie.zls.lu).

No den orthografeschen Aktualiséierung vum November 2019 entsprécht dës Broschür net méi op all Plaz där aktueller Orthografie. Mat dësem Blietche wëlle mer lech op d'Changementer opmierksam maachen, déi d'Reegelen an d'Beispiller an dëser Broschür betreffen.

- op der Säit 6:  
Dës Wierder ginn elo ouni Deenungs-h geschriwwen: *Fön, Bün, Küler*.  
Prinzipiell kréie Wierder keen <h> am Lëtzebuergeschen, fir de Vokal méi laang ze maachen (just als Niewevariant, wann een d'Wuert soss net gutt erkennt, an eenzel Fachbegrëffer resp. Nimm).
- op der Säit 8:  
De laangen <ee> gëtt elo méi konsequent verduebelt (wann en an der betounter Silb steet): *konkreet, Treema*. Deelweis sinn och Niewevariante mat einfachem <e> zougelooss. Dat steet dann am Lëtzebuurger Online Dictionnaire op [lod.lu](http://lod.lu).  
Et gëtt och eng Rei Wierder, bei deenen de laangen [e] net dierf verduebelt ginn. Dat ass am neien Text vun der Orthografie nozeliesen.
- op der Säit 9:  
An Uertsnumm gëtt och <é> geschriwwen, wann d'Silb betount ass.
- op der Säit 13:  
Den <oi> bei *Moien* ass keen Diphthong, well en sech op zwou Silbe verdeelt. An de Wierder *Boiler* a *Koi* gëtt en als Diphthong gebraucht.
- op der Säit 16/17:  
Et ass net méi relevant, ob e Wuert am Däitschen <ir> oder <ur> huet, et gëtt am Lëtzebuergeschen ëmmer <ier> resp. <uer> geschriwwen: *Bier, Bierendrépp, Buer, Spuer, Tuer, uereg*.  
Ausnam: Déi kuerz Funktiounswierder (*dir, hir, mir*), de Prefix {ur-} (*Urteel*) an d'Endsilb vu bestëmmte Friemwierder (*Natur, Vampir*) kréie keen <e> virum <r>.

- op der Säit 20:  
D'Wuert *Fluch* an all d'Zesummesetzung mat dësem Wuertdeel kënnen och mat <g> geschriwwen ginn: *Fluch // Flug, Fluchticket // Flugticket*.  
Ausnam: *Ausfluch* gëtt ëmmer mat <ch> geschriwwen.
- op der Säit 23:  
Bei Wierder op <-äin> ass d'n-Reegel fakultativ: *De Wäi(n) gëtt gedronk*.  
Bei Zesummesetzung mat dëse Wierder gëtt den <n> ëmmer ewechgelooss: *Wäiglas*.
- op der Säit 24/25:  
Och bei de Verbe gëllt déi nei r-Reegel beim <i> a beim <u>: *ech iere mech*.
- op der Säit 30:  
Eenzel franséisch Grafien (virun allem déi mat stommem <e>) sinn elo net méi zougelooss: *Annex, Bott, Pist* an och *Pompjee* (all ouni Variant).
- op der Säit 32:  
D'Ewechloosse vum stommen <e> huet dann och en Afloss op d'n-Reegel: *an d'Annexe goen* (ouni Treema, well d'Wuert am Singulier keen <e> huet: *Annex*).
- eenzel Wierder aus dem Text, déi anescht geschriwwen ginn (riets steet déi Form, déi der aktualiséierter Orthografie vum November 2019 entsprécht):

<i>Assemblée-généralé</i>	→ <i>Assemblée-généralle</i>
<i>dagsiwwer</i>	→ <i>daagsiwwer</i>
<i>déiselwecht, deeneselwechten</i>	→ <i>déi selwecht, deene selwechten</i>
<i>grouss geschriwwen</i>	→ <i>groussgeschriwwen</i>
<i>hannendru steet</i>	→ <i>hannendrusteet</i>
<i>hier kënnt</i>	→ <i>hierkënnt</i>
<i>Liiblingslidder</i>	→ <i>Libblingslidder</i>
<i>op d'Mannst</i>	→ <i>op d'mannst</i>
<i>Prinzipien</i>	→ <i>Prinzippien</i>
<i>wat gelift</i>	→ <i>watgelift</i>
<i>zesumme gezunn</i>	→ <i>zesummegezunn</i>

Mir wënschen lech vill Freed mat der Lëtzebuurger Sprooch a mat hirer Schreifweis, bei Froe sti mir gären zur Verfügung (Kontakt: [lod@lod.lu](mailto:lod@lod.lu) oder via Formulaire op [zls.lu](http://zls.lu)).

Mat frëndleche Gréiss

d'Ekipp vum Zenter fir d'Lëtzebuurger Sprooch ([zls.lu](http://zls.lu))  
a vum Lëtzebuurger Online Dictionnaire ([lod.lu](http://lod.lu))

